VETERAN & VINTAGE CAR CLUB OF LUXEMBOURG a.s.b.l.
B.P. 2025 · L-1020 LUXEMBOURG
www.vvcc.com • vvcc@pt.lu
MEMBRE

Léif Frënn,

Ugangs vum Joer hunn mir iech de Kalenner mat onsen Aktivitéiten fir d'Joer 2020 geschéckt. Déi éischt Aktivitéit hunn mir ofgehaakt wei mir virun engem Mount zu Mondorf nach geselleg beieneen souzen an ons AG ofgehalen hunn.

Zu deem Zäitpunkt konnt nach keen déi aktuell Situatioun virausgesinn. Elo sinn mir an enger Zäit vum Ëmdenken, setzen doheem an üben ons an sozialer Distanz, an mussen eis neien Situatiounen upassen.

Ons éischt Sortie, den Tour de Dégommage ass fir den 3. Mee virgesinn. Leider meet den Covid-19 mat allen Mesuren déi wéinst senger de Moment en Place sinn eis awer en decken Stréch duerch d'Rechnung.

Wéinst den aktuellen Restriktiounen kennen mir d'Virbereedungen fir den Tour, wéi den Roadbook maachen oder de Restaurant definitiv organiséieren de Moment net virundreiwen an ofschléissen. En plus stellt sech d'Fro, op mir dësen Tour mat +/- 100 Persounen an Zäiten vun Restriktiounen an gesondheetlechen Risiken fir all Bedeelegt an engem Mount vertrieden kënnen.

Dofir huet den Comité decidéiert, den Tour de Dégommage vum 3. Mee 2020 ofzesoen.

Hate mir op der AG nach ugekënnegt vläicht e Summertour ze organiséieren, sinn mir elo als Ersatz fir de Fréijoerstour fest dozou entschloss. An der Hoffnung op en Enn vun der Pandemie, konzentréieren mir ons an Tëschenzäit op d'Preparatioun vum onsem Tour de Luxembourg.

Mir hoffen op iert Versteesdemech a verspriechen iech och an Zukunft an eisem gemeinsamen Hobby mat eisen alen Gefierer nach vill flott Stonnen ze proposéieren.

Fir weider Froen stinn mir Iech gären zur Verfügung.

Mat beschten Gréiss **an bleift gesond.**

Fir den Comité,

J.Paul Felten

Tel. : 621 218 222

Wichteg: Hëlleft ons dësen Message un all ons Memberen weiderzeginn. Dësen Courrier gëtt nëmmen per Email verschéckt well et de Moment net ze vertrieden ass sech op d'Post an d'Réi stellen ze goen fir en Envoi ze verschécken. Sécher ass sou eng Situatioun wie déi hei exzeptionell, mee sie weist ons awer wie flott et wier wann mir elo all onsen Memberen eng Email schécken kéinten!